Rapport Generalversammlung KML

Den 14.04.2012 huet KML op séng Generalversammlung invitéiert, déi wéi all Joers an der Koler Schoul stattfënnt.

Den Président Marc Barnig huet an séngem Intro gesoot, datt d'AG vun dësem Joer e bessen méi spéid war wéi soss, daat well KML an den leschten Wochen villes ze dinn haat, ënnert aanerem d'Oofschlossaarbechten vun T(w)o Friends.

Dono huet den Marc den Rapport d'activités fiir 2011 présentéiert. An wéi déi Joeren viirdrun huet d'asbl vill geschafft, an huet och stolz eng Rei Präisser gewonnen. Den Rapport gouf fiir déi zweete Kéier als Multimedia-Show mat Extrait'en gewisen, waat bei den Leit gudd ukomm ass.

D'Keessière, d'Carole Weis, huet sëch beim Keesebericht erstaunlech kuerz gefaasst, mee daat ass nët schlëmm, well eng Nouvelle war wichteg: mir hun par rapport zu 2010 Gewënn gemaacht...

Dono huet den Frank kuerz d'Statistik vum Internet-Site présentéiert, an den Marc huet en kléngen Ausbléck op 2012 gewoot.

Den garnescher Buergermeeschter huet dono d'Wuert ergraff an war "begeeschtert" vun dëser Generalversammlung. Hien ass frou um Gebidd vun sénger Geméng gläich 3 Filmveräiner opzefannen, an géng sëch deementspriechend fréen wann d'Events vun der Geméng all dokumentéiert géngen gin.

D'AG ass mat engem Patt an e Puer Chipsen op en Enn gaangen.